# Home : Mobilitéit

Onofhängeg ob et sech em eng Brancheversammlung am eegene Scoutshome oder em e WE oder Camp an engem aner Scoutschalet dréint stellt sech ëmmer d'**Fro wéi een dohinner kënnt**: zu Fouss, mam Velo, mam ëffentleche Transport, mam Auto oder mat Bus a Fliiger.

Ass main Scoutsgrupp gréisstendeels an engem Duerf oder engem Quartier vun enger Stad verankert, esou ass d'zu **Fouss goe oder de Velo** huele fir di meecht di einfachsten Optioun.

E gudde **Velosstänner** ass deemoment net vu Mutwëll: amplaz vu Spirale di just dat viischt Rad unhale an ofsechere sinn Ulehnscheiwe mi kamoud fir de ganze Velo secher ofzestelle.

Wann e Scoutsgrupp elo éischter eng regional Nues huet an d'Membere vum Grupp kommen aus engem gréissere „**Einzugsgebidd**", esou bidde sech Veloswéeër, Zuch a Bus a Fahrgemeinschafte vun Eltere un déi sech ofwiessele fir datt ee matzaiten an der **Versammlung** ukënnt a fir nees heem ze goe. Och **d'Parkingsinfrastruktur** bei engem Home ass e Facteur deen net ze vernooléissegen ass, esouwuel fir d'Secherheet vun den Autoe a fir d'gudd Entente mat den Nopere.

Béi gréissere Aktivitéite ronderem en Home wéi z.B. e Gruppeweekend, eng Porte-Ouverte oder eng Scoutskiirmes stellt sech och ëmmer d'Fro vum **Mobilitéitskonzept** dat an der Invitatioun mat verscheckt get; meechtens bewährt sech e gudd Zesummespill vun de Fortbewegungsmëttel: zu Fouss, eng Plaz fir d'Velo'e secher ofzestelle, en Opfänkparking fir motoriséiert Gefiirer, eng Navette tëschent Opfänkparking oder Zuch- a Busgare bis bei den Home.

Fir d'Urees an d'Ofrees an eng Versammlung, op eng Aktivitéit, op e Weekend oder Camp ze plange, kann een op **Distanzkalkulatore** zréckgreife esou wéi se z.B. ënnert mobilitéit.lu gebuede ginn an déi eng zäitlech gestaffelt Opstellung ubidden wéi laang een zu Fouss brauch fir op de nächste Bus- oder Zucharrêt, wéi laang een mam ëffentleche Transport ënnerwee ass a wéi laang een eventuel nach per pedes bis op d'Destinatioun brauch. Aller simple oder Aller-retour.

**Speziel fir Déplacementer an d'Ausland** muss een gudd ofweien, wat ech sur place henno brauch: maachen ech e Camp Volant mat liichtem Gepäck, dann sinn de Minibus, den Zuch oder je nodeems de Fliiger di intressanteste Verkéierssträger; wann ech e Camp fixe geplangt hun mat vill Visite an der Régioun ass sech d'Fro ze stelle ob e Bus mat Remorque fir d'Material net eng Optioun kinnt sinn well een esou sur place och mobil a flexibel bléift. Oder en Départ mat Zuch, Camionette fir d'Material an op der Destinatioun Viruschaffe mat lokale Busser…

---


> Lëtzebuerger Guiden a Scouten
> Arbechtsgrupp Nohaltegkeet
> nohaltegkeet@lgs.lu


*Home : Mobilitéit, Editioun vum 18. September 2021*

---